**M. Gusty Graas** *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Norbert Haupert merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

Ech wollt och nach kuerz op dee Punkt agoen, op deen den Här Fayot higewisen huet. Effektiv, wat d'Interpretatioun vum Artikel 8 ubelaangt, hate bei den Diskussioun 1993, wéi de Projet hei an der Chamber diskutéiert ginn ass, verschidde Riedner schonn drop higewisen, datt ee misst, wann dee Projet hei géif adaptéiert ginn, nach eng Kéier iwwert dee Punkt diskutéieren.

Ech wollt dofir froen, ob dat an Tëschenzäit net zu Mëssverständnisser gefouert huet, wat d'Interpretatioun vum Term Pénalité grave ubelaangt. Trotzdem bréngen ech awer Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR).-* Här President, ech wëll just den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet bréngen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet dann elo den Här Minister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt am Numm vun der Regierung dem Rapporteur, dem Här Haupert, merci soe fir déi Aarbecht, déi en hei gemaach huet.

Ech muss lech soen, dass déi technesch Fro, déi hei gestallt ginn ass, héchstwahrscheinlech an der Kommissioun diskutéiert ginn ass. Ech kann lech d'Äntwert op dëser Plaz net bréngen, ech froen awer gär - ech mengen, et ass d'Ausseministerin, déi de Projet de loi deposéiert huet - déi Prezisioun no, an déi géife mer dann der Finanzkommissioun matdeelen.

Ech mengen net, dass dat eng Fro wär, déi lech géif haut empêchéieren, de Vote iwwert dëse wichtege Projet de loi ze huelen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen am Laf vum Mueren driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4718, eng Konventioun iwwert d'Accisen.

**M. Norbert Haupert** *(CSV), rapporteur.-* Stëmme mer net of?

**M. le Président.-** Mir stëmmen of, wann der genuch hei sinn!

**Plusieurs voix.-** Ah!

*(Interruptions)*

**M. le Président.-** Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry a Graas.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupert.

## 2. Projet de loi 4718 portant approbation du Onzième Protocole, signé à Bruxelles, le 22 septembre 1998, à la Convention portant unification des droits d'accises et de la rétribution pour la garantie des ouvrages en métaux précieux entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas, signée à La Haye, le 18 février 1950

*Rapport de la Commission des Finances et du Budget*

**M. Norbert Haupert** *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Här Fayot just soen, dass ech näischt dergéint hunn, wann och d'Oppositioun emol esou e Rapport ze maache kritt, ech fille mech awer net iwwerfuerdert mat der Aarbecht vun deenen zwee Rapporen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).-* Dir hutt nach ëmmer gutt Aarbecht gemaach!

**M. Norbert Haupert** *(CSV), rapporteur.-* Merci, Här Fayot!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 4718 ass nach méi ee kuerze wéi dee virdrun aus der einfacher Ursaach, well et sech ëm soss näischt handelt wéi e Protocole, deen eng Konventioun ofschaaft.

Eng Konventioun, déi tëschent deenen dräi Benelux-Länner bestanen huet an am Fong geholl eng Vereenheetlechung vun den Accisen um Alkohol, um Béier, um Zocker an op de Pëtrolsprodukter beinhaltet. Déi Konventioun staamt aus dem Joer 1950 an déi Dispositiounen, déi an der Konventioun virgesi sinn, sinn an den europäeschen Dispositiounen ëmgesat ginn.

Et handelt sech also hei just ëm eng Entlaaschtung vun eise Gesetzestexter, an d'Kommissioun huet

unanime der Chamber proposéiert, dëse Projet esou ze approuvéieren.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als éischte Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Här President, ech ka mech sou kuerz, wann net nach méi kuerz, faasse wéi de Rapporteur an och de schrëftleche Rapport.

Et geet drëm, fir e Protocole zu enger Benelux-Konventioun hei gutt ze heeschen, wat am Fong eng direkt Konsequenz ass vun der Schafung vum Marché intérieur an der Europäescher Unioun. Domat kritt no an no d'Benelux-Reglementatioun manner Bedeitung. Si gëtt a ganz ville Beräicher iwwerdeckt duerch europäesch Bestëmmungen.

Mir wäerten an Zukunft wahrscheinlech och nach an aneren Domäner mat där doter Entwécklung konfrontéiert ginn, wou no an no also europäesch Bestëmmungen an d'Plaz triede vun enger Rei vu Benelux-Bestëmmungen, wéi mer se elo hei zu Lëtzebuerg kannt hunn. Et ass och aus där Ursaach, wou ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Text hei abréngen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deenen ausféierlechen Explikatiounen, souwuel vum Rapporteur, dem Här Norbert Haupert, deem ech och merci soen, wéi och vum Här Bodry, bleift deem Rapport u sech näischt méi bäizefügen.

Ech géif och am Numm vun der DP-Fraktioun d'Zoustëmmung heizou bréngen.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner huet den Här Jaerling d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Här President, ech soen och dem Rapporteur merci fir säin ausféierleche Rapport a bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

**M. le Président.-** Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget*.- Ech géif och hei wëllen am Numm vun der Regierung der Chamber d'Dankbarkeet driwwer ausdrécken, dass se dee Projet hei seriö gekuckt huet.

Ech soen dat, wat ech scho bei anere Projete gesot hunn: Et ass net onbedéngt ëmmer d'Längt vun den Explikatiounen heibannen, un där ee kann d'Wichtegkeet vum Projet moossen. Fir déi, déi déi Matière do mussen uwenden, sinn dat do wichteg Projets de loi, an dofir ass dem Rapporteur seng Aarbecht an dësem Kontext eng ganz wichteg, an dofir him nach eng Kéier villmools merci am Numm vun der Regierung.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo doriwwer of.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4718 ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Ady Jung), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Norbert Haupert), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nicolas Strotz), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou décidéiert.

Da stëmme mer elo och nach iwwert de Projet de loi 4644 of.

## 3. Projet de loi 4644 portant approbation du Protocole modifiant la Convention du 23 juillet 1990 relative à l'élimination des doubles impositions en cas de correction des bénéfices d'entreprises associées et de son Acte final, signés à Bruxelles, le 25 mai 1999 *(Suite)*

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4644 ass eestëmmeg ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Ady Jung), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Patrick Santer), Mmes Marie-Josée Meyers-Frank, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nicolas Strotz), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen et Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch, Camille Gira (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zu eisem nächste Punkt um Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 4519 iwwert d'Tribunaux des marques communautaires.

Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Klein an d'Madame Durdu.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer.

## 4. Projet de loi 4519 portant désignation des tribunaux des marques communautaires

*Rapport de la Commission juridique*

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reglement 40/94 leet en uniformë Régime vun de Marques communautaires fest. Dat Reglement iwwerléisst awer d'Kompetenz den nationale Geriichter vun deene jeweilege Memberstaten, fir Uerteeler iwwert d'Affäre vun zum Beispill der Contrefaçon de marques communautaires ze fällen. Dat ass den Objet vun dësem Projet de loi.

Als éischt Instanz gëtt exklusiv d'Bezierksgeriicht Lëtzebuerg an net d'Bezierksgeriicht Dikrech désignéiert an am Appel ass et d'Cour d'appel.

Wat net am Projet de loi steet a wat och net am Projet stoe muss, well et am Reglement steet, ass datt géint en Uerteel vun der Cour d'appel e Pourvoi en cassation méiglech ass.

Nach eng Schlussremarque. D'Regierung hat en Amendement agereecht, wou et ëm eng punktuell, mä drénglech Ännerung vum Gesetz vum 7. Mäerz 1980 iwwert d'Organisation judiciaire gaangen ass. Et ass ëm d'Kompositioun vum Service central d'assistance sociale gaangen. D'Kommissioun an och de Statsrot waren der Meenung, datt dësen Amendement kee Lien mam Objet vum Projet hätt. Dofir wäert deen Amendement sech bestëmmt an engem separate Projet erëmfannen.

De Statsrot hat keng Ännerung vum Text vum Projet ze maachen. De Rapport ass unanime ugeholl ginn. Ech géif Iech also bieden den Text, esou wéi en Iech virläit, unzehuelen an ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen.